adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
21 SEP 2020

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Logementsminister weiderzeleeden.

De Fonds de Logement an SNHBM sin wichteg Acteuren um Lëtzebuerger Immobiliëmarché.

An deem Zesummenhank géif ech gär dës Fro stellen:

- Wéi vill Wunnenge sinn zënter 2013 - pro Joer - vum Fonds du Logement respektif vun der SNHBM fäerdeggestallt an op de Marché komm – esouwuel verlount, ewéi och verkaaft?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
5, rue Plaetis

L-2338 Luxembourg

RECU
Par Alff Christian , 08:12, 05/10/2020

Luxembourg, le - 2 OCT. 2020

Dossier suivi par:
Stéphane Andreolli
☎ 247-84812
✉ qp@ml.etat.lu

Ntr.réf.: 2020/QP2869/Reding/RépMin/sa

__Concerne__: **Question parlementaire n°2869 du 21 septembre 2020 posée par l'Honorable Député Roy REDING concernant le Fonds du Logement et Société Nationale des Habitations à Bon Marché (SNHBM).**

Monsieur le Ministre,

En réponse au courrier électronique du 22 septembre 2020 en relation avec l'objet sous rubrique, j'ai l'honneur de vous transmettre en annexe à la présente la réponse du Ministre du Logement à ladite question parlementaire.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre au Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre du Logement

Henri Kox

**Äntwert vum Här Wunnengsbauminister, Henri Kox, op d'parlamentaresch Fro n°2869 vum éierbaren Deputéierten Här Roy REDING zum Thema « Fonds du Logement et Société Nationale des Habitations à Bon Marché (SNHBM) ».**

**Zuel vu Wunnengen déi säit 2013 vun der SNHBM an dem Fonds du Logement gebaut gi sinn :**

Tëschent 2013 an 2019 huet d'SNHBM 943 Wunnengen op de Marché bruecht, wouvunner 771 verkaf goufe mat de Konditioune vum Ierfpachtrecht an dem Reckkafrecht iwwer 99 Joer, 116 Wunnengen si verlount ginn a 56 sinn nom Gebrauch vum Reckkafrecht nees weiderverkaf ginn.

Am Joer 2013 sinn 79 Unitéiten op de Marché komm, 56 Unitéiten am Joer 2014, 102 Unitéiten am Joer 2015, 78 Unitéiten am Joer 2016, 191 Unitéiten am Joer 2017, 205 Unitéiten am Joer 2018 an 232 Unitéiten am Joer 2019.

Um 31ten Dezember 2019 hat d'SNHBM an hirem Patrimoine 262 Wunnengen an der Locatioun, 1.200 Wunnengen am Verkaf mat de Konditioune vum Ierfpachtrecht an dem Reckkafrecht a weider 961 Wunnenge waren am Bau.

Tëschent 2013 an 2019 huet de Fonds du Logement 651 Wunnengen op de Marché bruecht, opgedeelt op d'Joren heescht dat, 119 Unitéiten am Joer 2013, 81 Unitéiten am Joer 2014, 125 Unitéiten am Joer 2015, 19 Unitéiten am Joer 2016, jeeweils 133 Unitéiten an de Joren 2017 a 2018 an 41 am Joer 2019.

Dozou ass ze soen, dass bei zousätzleche 34 Wunnengen déi Enn 2019 hätte sollen op de Marché kommen, kuerzfristeg decidéiert gouf dës Wunnengen ze verlounen an net ze verkafen ewéi urspréngléch geplangt. Doduerch sinn dës Wunnengen eréischt Ufanks 2020 ob de Marché komm.

Op den 31. Dezember 2019 zielt de Fonds du Logement 1.937 Wunnengen déi zu soziale Konditioune verlount ginn. 1.670 Unitéiten huet de Fonds du Logement bis haut verkaf a 484 Wunnenge si fir de Staat an aner Institutioune gebaut ginn.